de Klassement oder d'Inscription sur l'inventaire supplémentaire matzäiten ageleet ginn an net ewéi am Moment, wou allze oft dës Procédure an der Urgence erfollegt, zu engem Zäitpunkt, wou de Bauprojet scho wäit fortgeschratt ass. Dës Mise sous protection an der Urgence bréngt Käschte mat sech, well den initiale Projet zu engem spéiden Zäitpunkt modifizéiert muss ginn.

Weiderhi kéint d'Procédure de protection och méi séier ageleet gi wéi bis elo, well den Inventaire déi entspriechend Dokumentatioun zur Protektioun scho géif abegräifen. Den Inventaire géif also op där enger Säit eng Rechtssécherheet ewéi och eng Prévisibilitéit fir Bauprojete vun all de Promoteure schafen, an op där anerer Säit géif dat dem Stat erlaben, net méi mussen aus der Urgence eraus ze schéissen.

Eng weider wichteg Notioun aus der Granada-Konventioun, déi mir nach net an eiser Legislatioun hei an eisem Land hunn, dat ass den Term vun der „Conservation intégrée", déi, wéi schonns gesot, bedeit, de Schutz vum Patrimoine architectural als Objektiv och vum Aménagement du territoire a vum Urbanismus anzeféieren. Dëst heescht, dass den Denkmalschutz souwuel bei dem Ausschaffe vun de PAGen en compte geholl gëtt, an aktuell hunn 19 vun 21 Gemengen, déi entweder de PAG schonns geännert hunn oder wou bekannt ass, wat vu Schutz fir de Patrimoine a Fro kënnt, eng gutt Aarbecht geleescht. Domat sinn déi Gebaier, déi vu lokaler Wichtegkeet sinn, awer net solle Monument national ginn, geschützt. Esou ass en Zil vun der Conservation intégrée schonn erreecht ginn.

Weider wäert d'Ratifikatioun vun dëser Konventioun et erlaben, déi europäesch Kooperatioun a Saachen Denkmalschutz an och d'Sensibilisatioun vum Public op d'Froe vum Denkmalschutz nach ze verstäerken. An do sinn ech ganz mat dem Deputéierten d'accord, dee seet, dass ee vu Klengem u soll déi Sensibilisatioun maachen, well eréischt da kann een zu engem gudde Resultat kommen.

Déi nächst Schrëtt no dem Vott vun der Ratifikatioun vu Granada sinn am Fong, all dës Notiounen aus der Konventioun iwwer e Projet de loi an déi Lëtzebuerger Gesetzgebung ze integréieren. Éischt Aarbechten zu dësem Projet de loi sinn amgaangen.

Ech sinn och mam Här Fayot d'accord, fir ze soen, dass et soll schnell goen. Mä et geet net drëm, fir hei elo eppes iwwert de Knéi ze briechen. Dofir géif ech awer soen, dass mer eis Zäit sollen huelen, fir en uerdentleche Projet auszeschaffen. Mä mir schaffen drun.

Weiderhi wäerte mir eis Efforten a Saachen Denkmalschutz och weiderféieren, andeems mer eng aner Konventioun vum Conseil de l'Europe deemnächst op den Instanzewee ginn, an zwar d'Konventioun, déi sougenannte Convention de La Valette fir d'Protection du patrimoine archéologique, déi vu Lëtzebuerg zwar schonn 1992 ënnerschriwwe gouf, mä déi mer nach net ëmgesat hunn, also ratifizéiert hunn.

Zum Schluss wéilt ech nach emol ënnersträichen, wéi wichteg et ass, datt Lëtzebuerg säi Retard ophëlt bei der Ratifikatioun vun internationale Konventiounen an dës och an nationaalt Recht ëmsetzt, fir datt eis Legislatioun notamment am Denkmalschutz den internationale Standarde vun eiser Zäit entsprécht.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Statssekretär. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6817 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6817 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet de loi 6817 ass eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Diane Adehm), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Octavie Modert), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany (par M. David Wagner) et David Wagner.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert. Merci.

Mer kommen dann zum nächste Projet, dat ass de Projet 6641, eng Ofännerung vum Artikel 491 vum Code pénal. An de Rapporteur, den Här Alex Bodry, huet direkt d'Wuert.

5. 6641 - Projet de loi portant modification de l'article 491 du Code pénal

Rapport de la Commission juridique

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetzesprojet geet et ëm eng Ofännerung vum Artikel 491 vun eisem Code pénal. Zechprellerei beim Tanken, dorëms geet et hei. D'Zechprellerei beim Tanken als spezifeschen Delikt gëtt aus eisem Strofrecht gestrach.

Dat heescht awer net, dass, wann ee Bensinn klaut, dass dat an Zukunft net méi géif ënner Strof stoen. Ganz am Géigendeel! An Zukunft gëtt d'Netbezuele beim Tanken als Déifstall ugesinn. D'Jurisprudenz zu Lëtzebuerg huet sech schonn an déi Richtung hi beweegt. Also mir sinn hei an engem klassesche Vol à l'étalage oder Ladendiebstahl, wéi et an Däitschland heescht.

Een, deen tankt an net bezilt, riskéiert, an Zukunft souguer méi staark bestrooft ze gi wéi haut, geméiss dem Artikel 491 vum Code pénal iwwert d'Zechprellerei beim Tanken. Op engem Butteksdéifstall steet nämlech eng Prisongsstrof vun engem Mount bis fënnef Joer an eng Geldstrof vun 251 bis 5.000 Euro. Bei der Zechprellerei, wat am Fong en Abus de confiance ass, louch déi Prisongsstrof bei aacht Deeg bis sechs Méint, d'Geldstrofe waren d'selwecht artikuléiert. Et soll sech also net lounen, Tankstellen ze bestrëppen! An déi stänneg steigend Zuel vu Plaintë wéinst Bensinsdéifstall mécht dës Reform och néideg.

Dëst Gesetz huet awer nieft deem Sträiche vun der Zechprellerei beim Tanken aus dem Artikel 491 eng Rei vun aneren Effeten. Bei Bensinsdéifstall muss net onbedéngt eng Plainte gefouert ginn, fir d'Action publique ze déclenchéieren. Bei der Zechprellerei ass dat de Fall. Do gëtt eigentlech nëmmen en Dossier opgemaach vun der Police, wann eng Plainte gefouert gëtt. Beim Déifstall ass dat net onbedéngt néideg, och wann et awer de Regelfall ass.

Zweeten Effet ass, beim Déifstall gëtt d'Action publique net gestoppt duerch en Zréckzéie vun der Plainte. Dat war eng Particularitéit am Artikel 491, dass, wann een eng Plainte gemaach huet, sech dann awer décidéiert huet, opgrond vu wat fir engen Ëmstänn och ëmmer, déi Plainte zréckzezéien, da war domadder och d'Action publique eriwwer. De Parquet konnt net méi agéieren an deem dote Fall. Dat huele mer eraus aus dem Code pénal fir all Forme vun Zechprellerei.

An der Zukunft gëtt och d'Justiz net méi ausgeschalt, wann d'Bensinsrechnung schlussendlech bezuelt gëtt. Dat war näämlech bis dato de Fall. Bis dato hate mer déi ganz particulière Bestëmmung, dat Ganzt geet op en Text vun Ufank den 1980er Joren zréck, dass, wann een eng Plainte gefouert huet wéinst Zechprellerei beim Tanken, an deejéinegen, deen de Pompiste bestrëppt huet, deen décidéiert huet, am allerleschte Moment ze bezuelen - e kéint dat souguer nach um Geriicht maachen! -, da war d'Action publique eriwwer. Eng ganz aussergewéinlech Regel, déi mer am 491 stoen haten.

An d'Kommissioun ass iwwert dat erausgaangen, wat d'Regierung proposéiert hat, an huet am Accord mam Statsrot décidéiert, déi dote Regel erauszehuelen aus dem Code pénal am 491. Dat heescht also, och an deene reschtleche Fäll vun Zechprellerei, déi mer nach kennen, ass et net méi méiglech, dass, wann ee bezilt, dass schlussendlech dann d'Aktioun vum Parquet en Enn fënnt.

Mir mengen, dass dat do konform ass zu eisen allgemenge Regele vum Strofrecht. Déi Anomalie, déi mer also zënter Ufank 80er Jore bei der Zechprellerei haten, déi kritt heimadder en Enn!

Wat sinn déi Forme vun Zechprellerei, déi nach bleiwen; dat sollt ee vläicht och soen, déi mer also net eraushuelen aus dem Code pénal? Dat sinn déi klassesch Forme beim Netbezuele vun Hotelsrechnungen a Restauranten, Caféen, och bei Taxien. Dat sinn also nach weider Forme vun Zechprellerei, déi spezifesch geaant ginn am Code pénal, déi also net ënnert den Déifstall falen, mä déi also hei eng particulière Infraktioun duerstellen. Bedruch beim Tanken ass an Zukunft en Déifstall.

Zréck vläicht zur Grivèlerie d'essence, fir awer mat e puer Zuelen ze dokumentéieren, wat d'Importenz vun där doter Form vu Strofvergoen zu Lëtzebuerg duerstellt. Do gesäit een, dass dat e bëssen esou parallell leeft, vläicht souguer nach e bësse méi schnell wéi d'Uwuesse vun de Verkeef op eisen Tankstellen.

2007, weisen d'Statistiken, vun der Justiz aus waren et 513 Protokoller, déi opgemaach si gi vum Parquet. 2011 ass déi Zuel scho praktesch verduebelt gewiescht: 1.029. An zwee Joer méi spéit - dat sinn déi lescht Zuelen, iwwert déi ech verfügen, 2013 - waren et 1.182 där Procès-verballen, déi an engem Joer wéinst Zechprellerei beim Tanken opgestallt si ginn. An et kann een dovunner ausgoen, dass eng ganz Partie vun den Delikter guer net gemellt ginn ass.

Elo ass et awer interessant ze kucken: Wat ass da geschitt mat deene Protokoller, déi d'Polizei dann opgeholl huet an da weidergereecht huet un de Parquet, dee jo dann opgrond vun dem Prinzip vun der Opportunité des poursuites kann décidéieren, wat mat deene Protokoller do geschitt?

Abee, ech hu versicht, dat prozentual elo opzedeelen: Ronn 40% vun deene Protokoller sinn direkt klasséiert ginn, well den Täter net ermëttelt konnt ginn. Et war also net erauszefannen, wien do gezechprellt huet.

Ronn e Véierel, 25%, si vum Parquet klasséiert gi wéinst Enjeu minime, well de Montant net héich war an de Parquet estiméiert huet, dass et besser wier, déi Affär ze klasséieren, wéi nach eng Kéier wéinst engem ganz klenge Montant eng gréisser juristesch Prozedur unzekuerbelen.

An da si mer bei ongeféier 30%, wou d'Action publique eriwwer war, well bezuelt ginn ass, wou also dee speziellen Artikel do en Effet hat, andeems dann d'Leit, déi onéierlech waren, nodeem awer d'Polizei schonn e Protokoll opgeholl hat, nodeem déi Affär scho beim Parquet gelant ass, wa se da konfrontéiert gi si mat de Faiten, zu ronn 30% décidéiert hunn ze bezuelen.

An eigentlech bei nëmme knapp 5% vun deene Protokoller ass et schlussendlech zu enger Geriichtsaffär komm. Et ass zu 22 Veruerteelunge komm bei deenen 1.182 Fäll, dat sinn 2% ongeféier. A 34 Fäll konnt de Prévenu net richteg erreecht ginn. Dat heescht, seng Convocatioun op d'Geriicht konnt net richteg zougestallt ginn, an doduerjer ass et net zu enger Veruerteelung komm. Dat well, dat muss ee wëssen, hei besonnesch natierlech en héijen Undeel vun Non-résidenten an déi Täterschaft hei mat erakënnt.

Nëmmen e ganz klengen Deel vun den Zechpreller sinn eigentlech Résidenten. Dat erkläert sech och, well d'Résidenten natierlech méi liicht ze pake sinn wéi d'Non-résidenten, an deem heite Fall. Da muss mat Commission-rogatoirë geschafft ginn, fir dann u sech un déi Persounen ze kommen, déi am Ausland sinn. An dat ass en onheemlechen Opwand fir awer relativ bescheiden Effeten. An d'Fro stellt sech natierlech och, ob d'Justiz do ass, fir eigentlech net bezuelte Rechnungen, wann een dat kann esou soen, anzedreiwen.

Alles dat huet eis beschäftegt an der Kommissioun. A mir waren och konfrontéiert mat divergenten Avisen zu där doter Fro, soudass mer eis also eng Rei vu Méint Zäit gelooss hunn, ier mer definitiv décidéiert hunn, fir op de Wee vun där Reform ze goen, wéi se vun der Regierung proposéiert ginn ass.

De Statsrot huet säin Avis gemaach. En huet souwuel d'Nodeeler an d'Virdeeler opgezeechent vun enger méiglecher Gesetzesänderung, ouni sech honnertprozenteg festzeleeën, soudass e Choix politique ze treffen ass - eng Formule, déi mer jo och an aneren Avise vum Statsrot a leschter Zäit méi oft erëmfannen.

D'Fro, déi sech eis och gestallt huet: Ass déi dote Reform am Interessi vun den Tankstellen? Se ass sécherlech am Interessi vum Ordre public, mä ass se am Interessi och vun den Tankstellen, déi also geschiedegt sinn duerch déi Aart a Weis, fir do virzegoen? An do muss ee soen, dass bei de Leit, déi de Secteur vertrieden, ob dat de Groupement pétrolier ass, ob dat och d'Chambre des Métiers ass, an och d'Vereenegung vun den Tankstellebesëtzer, eng eenhelleg Meenung war. Ech géif souguer mengen, dass si zum Deel um Ursprong vun där heiter Gesetzesinitiativ stoungen duerch hir Fuerderung.

Si sinn der Meenung, dass d'Gesetz misst geännert ginn. Si gleewen un den dissuasiven Effet vun der Qualifikatioun vum Déifstall, ma och mat méi héije méigleche Strofen, déi domadder zesummenhänken. A si insistéieren net, fir den aktuelle System bäibehalen ze kréien, dass, wann ee bezilt, och souguer am leschte Moment, dass een dann eigentlech net veruerteelt ka ginn. Si gleewen also, dass déi dote Reform ka symbolesch e positiven Effet hunn an zu méi Éierlechkeet beim Tanke kéint féieren.

Grouss Tankstellen, ech denken haaptsächlech un déi Tankstellen op eisen Autobunnen, wou jo Dausenden an Dausende vu Leit passéieren, déi fënnt ee kaum an der Lëscht vun de Plaignanten erëm, wann iwwerhaapt, well déi eng Rei vun techneschen Dispositioune geholl hunn duerch Barrièren an duerch Kontrollen, déi et eigentlech immens schwéier maachen, fir Zechprellerei beim Tanken ze maachen.

Mä et ass awer kloer, dass bei mëttleren a besonnesch bei klengen Tankstellen, där mer der nach ganz vill hunn hei zu Lëtzebuerg, et technesch onméiglech ass, fir esou Barrièren opzeféieren, och de Verkéiersfloss praktesch domadder geläämt wär, soudass een déi preventiv Moossnamen, déi sécherlech vill bréngen, net kann verallgemengeren, a se sécherlech net kann zwéngen, fir op deen dote Wee ze goen. An duerfir hu mer eigentlech och dovunner ofgesinn. Dat war e bëssen eng Suggestioun, déi vum deemolege Procureur général, dem Här Biever, gemaach ginn ass, fir éischter den Akzent ze leeën op déi preventiv technesch Moossname bei den eenzelnen Tankstellen an net eng Ännerung vum Text hei ze maachen.

Deem géintiwwer stoung eigentlech d'Meenung vum Procureur vun Dikrech, deen déi och an der Kommissioun virgedroen huet, d'selwecht och wéi den Här Biever, dee konnt duerstellen, mat wat fir engem immensen Aarbechtsopwand eigentlech d'Behandlunge vun deenen dote Fäll am aktuelle System verbonne sinn, mat awer relativ bescheidenen Effeten, wat hannen erauskënnt. An duerfir huet hie sech staarkgemaach, fir op de Wee vun där heiter Gesetzesreform ze goen.

Dat erkläert also, firwat dass mer schlussendlech nom Ofweie vum Pro a vum Kontra d'accord ware mat der Gesetzesinitiativ vun der Regierung. Mir hu se op engem Punkt, wéi gesot, nach, denke mir, verbessert, andeem mer déi onsënneg Bestëmmung erausgeholl hunn, dass, wann ee bezilt, dann d'Action publique automatesch ophält.

A mir sinn also der Meenung, dass mer hei eng kleng, mä eng richteg Reform maachen. Wéi bei all Reform si mer awer och der Iwwerzeegung, dass et net schlecht wier, an enger Rei vu Joren e Bilan ze zéien, wat dat dote schlussendlech bruecht huet. Wat waren d'Niweneffete vläicht, déi mer net beduecht haten, vun där heiter Reform?

Mä eent ass fir eis och kloer: Klauen och bei Tankstellen däerf sech och zu Lëtzebuerg net lounen. An duerfir géif ech lech bieden am Numm vun der Kommissioun, dësen Text hei ze stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- An, Här Bodry, ech ginn dervun aus, dass Der och den...

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Selbstverständlech ginn ech och den Accord vun der LSAP.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Dann huet deen nächste Riedner d'Wuert, den Här Gilles Roth.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech wëll dem Här Bodry Merci soe fir säi schréftlechen an och gudde mëndleche Rapport. En huet dat am Detail explizéiert. Et ass effektiv hei ee klenge Projet, deen awer ganz vill Froen opwërft, souwuel wat d'Strofrecht ubelaangt, wéi och wat d'Praxis vum Strofrecht am Alldag ubelaangt.

Den Alex Bodry huet mat Recht ënnerstrach, dass et hei ëm Zechprellerei beim Tanke geet an dass déi strofrechtlech aneschters considéréiert gëtt. Et geet eigentlech ëm eng sougenannt Veruntreuung. Am Sënn vum Artikel 491 gëtt et elo als Déifstall considéréiert.

An dat Zweet, wat eigentlech ganz speziell war, dat ass, dass ee bis elo bei Zechprellerei eigentlech all Strofverfolgung konnt selwer als présuméierten Täter astellen, wann ech bis kuerz virum Uerteel nach dat, wat ech geschëllt

hunn, bezuelt hunn. Dat huet net nëmme fir d'Tanke gezielt, mä och wann een Zechprellerei an engem Bistro, an engem Restaurant a souguer beim Taxifuere begaangen huet.

Den Ënnerscheed, deen eigentlech agefouert gëtt, ass éischtens, dass déi speziell Méiglechkeet, fir enger Strofverfolgung entgéintzewierken, entfält, an zweetens, virun allem d'Prisongsstrof, déi bis elo awer relativ geréng war, vun aacht Deeg op sechs Méint, dass déi vun engem Joer op fënnef Joer eropgeet, wann et als Déifstall considéréiert gëtt.

Firwat kënnt déi Ännerung hei? De Rapporteur huet et eigentlech e bësse méi duerch d'Blumm gesot, mä, ech mengen, et war eng Fuerderung vum Groupement des pétroliers a vun Tankstellepiechter. An d'Fro, déi mer eis eigentlech musse stellen, déi mir eis als CSV-Fraktioun stellen: Bréngt dat hei effektiv eppes an der Praxis?

Et ass richteg, dass d'Strofmooss an d'Luucht gesat gëtt, mä den Tatbestand als solchen, deen ännert net. An duerfir stellt ee sech d'Fro: Ass d'Opklärungsrot, déi een huet...? An, ech mengen, de Rapporteur hat dat nogefrot bei de Justizautoritéiten: Vun 2013, mengen ech, sinn d'Statistiken , dass et vu ronn 1.200 Fäll vun Zechprellerei beim Tanken - wat ech enorm fannen - der 400 oder 437 sinn, déi en fin de compte konnten opgekläert ginn. An de Rescht, dat ass net opgekläert ginn, well den Täter oft am Ausland war an doduerch net konnt identifizéiert ginn, oder eben d'Leit d'Méiglechkeet geholl hunn, fir virdrun ze bezuelen, respektiv huet de Parquet opgrond vun dem Prinzip vun der Opportunité des poursuites, a well d'Montanten, déi en jeu sinn, oft extrem niddreg sinn - wann ech en Tank voll maachen als Privatpersoun, kommen ech kaum iwwer 100 Euro -, do vun enger Endphas, vun enger Poursuite, ofgesinn.

Den Avantage ass sécherlech deen, dass an Zukunft, wann ech op enger Tankstell net bezuelen, mäi Bensinn, dat d'selwecht behandelt gëtt, wéi wann ech an de Shop vun der Tankstell eraginn an do eng Tablett Schockela klauen oder e Knätsch net bezuelen. D'Strofmooss ass ëmmer datselwecht. Dat ass sécherlech en Avantage.

En zweeten Avantage, mengen ech, dat däerf een och op enger Chamberstribün soen, dat ass, dass et trotzdeem zu enger gewëssener Frustratioun vun de Policebeamte gefouert huet respektiv vun den Tankstellepiechter. Well wann déi eng laang Enquêtë gefouert hunn, musste se sech bewosst sinn, dass, wann d'Affär un d'Geriicht zitéiert gouf, dass, wann de présuméierten Täter nach bezuelt huet, ier en an d'Sitzung gaangen ass, jo, da war déi ganz Aarbecht vun der Enquête eigentlech fir d'Kaz.

Den Désavantage, deen een awer och muss soen, dat ass deen, an dem Katalog vun de Strofe vun dem Code pénal hu mer awer elo ëmgedréit eng Diskrepanz, an zwar déi: Bei der Zechprellerei beim Tanken hunn ech elo eng Strof, méiglech Strof, Prisongsstrof, vun engem Joer bis fënnef Joer, mä bei enger Zechprellerei an engem Restaurant, an engem Bistro, a wou ënner Ëmstänn d'Montanten, déi en jeu sinn, awer méi héich sinn, do hunn ech nach ëmmer déi al penal Strofbestëmmungen aus dem Artikel 491, dat heescht aacht Deeg bis sechs Méint, obschonn d'Montanten ënnerschiddlecher Natur sinn.

Den zweeten Désavantage ass deen: Bon, bis elo hat de présuméierten Täter ëmmer en Ureiz, fir ze bezuelen, well en domat eigentlech konnt d'Strofverfolgung astellen. Deen Ureiz besteet natierlech elo net méi. A wann den Tankstellepiechter wëllt seng Sue kréien - 70, 80 Euro -, dann ass en esou gutt an e waart d'Enn vun der Strofverfolgung of an e mécht dann an der Sitzung eng Partie civile, wat net nëmmen en erheblechen administrativen Opwand oder Justizopwand ass, mä ënner Ëmstänn gesäit den Tankstellepiechter dervun of, well fir 70, 80 Euro, wann en all d'Fraise rechent, fir seng Partie civile ze maachen, dann huet en och net do ganz vill dervun.

Dat, wat net direkt d'Justiz ubelaangt, mä wat awer d'Praxis ubelaangt a wat ënner anerem och vun de Polizeiautoritéiten opgeworf gi war, ass Folgendes: Déi hu recommandéiert, dass an deenen Tankstellen, déi bestinn oder gebaut ginn oder ëmgebaut ginn, dass een do sougenannte Systeme vu Prepaidkaarten, wat an der Regel och schonn op gréisseren Tankstelle besteet, dat heescht, dass ee bezilt mat der Kreditkaart, ier een iwwerhaapt ka bei d'Pompel goen, oder...

(Interruption)

Ech hunn eng Motioun, Här President. Duerfir...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ah, huelt Der déi mat?

M. Gilles Roth *(CSV).*- Déi huelen ech mat.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Okay, sorry.

M. Gilles Roth *(CSV).*- ...oder dass e System vu sougenannte Barrièren dohinner gestallt gëtt, dass dat eigentlech an der Praxis déi effikassten Aart a Weis wier. An duerfir hate mir als CSV d'Fro, ob een net sollt denken, fir ze préiwen, ob dat am Aklang mat der Liberté de commerce wier, fir an d'Kommodosautorisatioune respektiv d'Autorisatioune vu sougenannten Tankstellen oder Ëmbau vun Tankstellen esou eng Konditioun vu Barrièren oder Prepaidkaarten dranzesetzen.

Da wollt ech soen, dass mer der Meenung sinn, an duerfir wollte mer och eng Motioun déposéieren, dass een effektiv sollt... Well souguer an de Justizmilieuen, an den Alex Bodry huet dat mat Recht ënnerstrach, war de Procureur général Biever net en faveur vun dësem Text. De Procureur vun Dikrech, Här Haagen, den Här Weirich, dee kann e voll ënnerstëtzen. Mä Dir sidd dach Buergermeeschter vun Dikrech.

(Interruption)

M. Gilles Roth *(CSV).*- Neen.

(Interruptions)

Une voix.- Nach net!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Nach net!

Also, duerfir am Résumé: Dass mer eng Evaluatioun, e Bilan zéie vun dëser neier Bestëmmung; zweetens, dass sollt gepréift ginn, ob déi Méiglechkeet, fir an d'Kommodosautorisatioune vun den Tankstellen d'Obligatioun vu Prepaidkaarten oder vu Barrièren dranzesetzen, konform ass mat dem Principe vun der Liberté de commerce aus eiser Verfassung.

An drëttens, ech wéilt nach kuerz dorobber kommen: Den aktuellen Artikel 491, esou wéi en och elo no der Gesetzesännerung besteet, dee gesäit sougenannte Peine-accessoirë vir. Et ass e Verweis op den Artikel 24 aus dem Code pénal. An deen huet erëm e Verweis op den Artikel 11 vum Code pénal.

Elo ass et esou, dass der Logik vun dem Strofrecht no, quitte dass ëmmer d'Opportunité vun de Poursuitë vum Parquet besteet, een theoretesch, wann een eng Zechprellerei an engem Restaurant mécht, dass da kéint dem Strofgesetz no eng Peine accessoire gesprach ginn, an zwar dass ech keng ëffentlech Funktioun méi kéint exercéieren, dass ech souguer mäi Wahlrecht kéint ofgesprach kréien, souwuel dat aktiivt wéi dat passiivt.

Elo muss ech awer soen, a gemäß dem Principe vun der Proportionalitéit, Här Justizminister, deen ëmmer méi vun de Justizautoritéite considéréiert gëtt, wier et gutt, wann een eng Kéier de System vun deene Peine-accessoirë bei enger nächster Iwwerschaffung vun dem Code pénal géif kucken.

An dat wollte mer dann och an eis Motioun setzen, soudass ech ofschléisse kéint, Här President, an, éischtens, ënnert deene Reserven, déi ech gesot hunn, d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn. Zweetens géif ech mer erlaben, eng Motioun ze déposéieren, déi déi Punkten iwwerhëlt, déi ech elo just ugesprach hunn.

Motion 1

Vu le projet de loi n°6641 portant modification de l'article 491 du Code pénal en ce qui concerne plus particulièrement la suppression de l'infraction dite de la «grivèlerie de carburant»;

- considérant l'avis ténu du Conseil d'État relatif au projet de loi précité:

«L'avantage du système actuel est à l'évidence de mettre une pression supplémentaire sur les „griveleurs" et d'assurer le paiement au profit des exploitants de stations-service. L'inconvénient du nouveau système envisagé est encore de dissocier l'action publique du paiement, sauf hypothèse d'un désistement formel de la part du plaignant, procédure qu'il n'a aucun intérêt à effectuer. L'intervention du paiement aura tout au plus un effet sur le taux de la peine.

Il n'appartient toutefois pas au Conseil d'État d'opérer une pondération entre les avantages et les inconvénients pratiques du système actuel.»;

- considérant, d'une part, l'avis critique du procureur général d'État et, d'autre part, l'avis favorable du procureur d'État de Diekirch quant au projet de loi sous rubrique,

invite le Gouvernement

- à présenter à la Chambre des Députés un premier bilan de la nouvelle loi une année après son entrée en vigueur, lequel devra notamment (i) comporter le nombre de cas de vols d'essence enregistrés dans l'intervalle, son taux d'élucidation, le nombre de paiements au profit des pompistes intervenus sur cette période, de même qu'une comparaison de ces chiffres avec les autres types de vols relevés sur ladite période, (ii) faire état de l'utilité de l'instrument dit du «jugement sur accord» et de l'ordonnance pénale en général et plus particulièrement en matière de vols d'essence, notamment en termes de paiements intervenus au profit des pompistes, (iii) des difficultés d'exécution des jugements qu'ont rencontrées les pompistes sur le plan civil et enfin (iv) l'évolution des coûts en relation avec la poursuite des faits de vols d'essence,

- à étudier, sous l'angle de la liberté de commerce et de l'industrie, l'engagement à prendre par les pompistes dans le cadre des autorisations d'établissement de mettre en place des installations techniques (barrières, système de prépaiement, etc.) dans les stations-service pour éviter toute commission de l'infraction de vols d'essence en amont,

- à procéder à une analyse de l'application de l'article 24 du Code pénal aux condamnés à une peine correctionnelle, notamment en ce qui concerne les délits de grivèlerie de nourriture et autres prévus à l'article 491 du Code pénal et de la nécessité du maintien du renvoi à l'article 24 y prévu, de même que dans le contexte d'autres infractions et à présenter en fonction des résultats obtenus une réforme des dispositions légales en cause.

(s.) Gilles Roth, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Claude Wiseler, Michel Wolter.

A mir wieren als CSV-Fraktioun frou, wann déi Motioun och kéint méi e breede Konsens an der Chamber fannen. Dat gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren. Ech si bannent mengen zéng Minutten.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Roth. An d'Wuert huet direkt d'Madamm Viviane Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Merci, Här President. Als Presidentin vun der Commission juridique wollt ech ausdrécklech dem Alex Bodry als Rapporteur Merci soen, net nëmme fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport, mä virun allem fir déi Beméiungen, déi e sech gemaach huet, fir, soen ech emol, der Saach e bëssen op de Fong ze goen. Effektiv, déi ganz Problematik ronderëm d'Zechprellerei, wat u sech en Abus de confiance duerstellt oder signifiéiert, ass de Sujet vun dësem Projet de loi, awer net a senger Totalitéit, näämlech just am Kader vun den Tankstellen; soen ech emol.

De Projet de loi ass ëm Chrëschtdag 2013 déposéiert ginn, den éischte Projet, deen den neie Minister déposéiert huet. An effektiv ass et och esou, datt mer eis eng Auszäit gelooss hunn an den Aarbechte vun der Kommissioun vun dësem Projet.

An et ass do, wou ech dem Här Bodry wëll Merci soen, well e sech wierklech d'Méi gemaach huet, sech an deem concertéierte Milieu nach eng Kéier zesummenzesetze mat de verschiddenen Akteuren, déi mat Bensinn, Tankstellen an Zechprellerei an deem Domän ze dinn hunn, an dat eben, wéi et och richteg hei schonn ernimmt ginn ass, nodeems ons de Procureur général awer e bëssen - jo, wéi soll ech dat soen? - markéiert huet mat sengem Lanzbriechen, fir méi preventiv, voire souguer e bësse méi pädagogesch virzegoen an dann effektiv déi technesch Moossnamen éischter auszebauen, zu deem Deel och, wéi dann den Här Roth et och elo just erkläert huet, mat Barrièren, mat Prepaidkaarten an esou weider.

Dat ass eigentlech éischter eng pragmatesch Approche. Dat kënne mer och esou unhuelen. Ech muss awer soen, datt ech perséinlech och immens frou sinn, datt d'Kommissioun awer eestëmmeg op de Wee gaangen ass, fir ze soen: „Okay, dat eent ass éischter eng pragmatesch Approche, eng technesch pragmatesch Approche, mä mir sinn op de Wee gaangen, fir awer déi juristesch Approche ze huelen."

Ech erkläre mech. Wann ech dat Wuert esou gebrauchen, dat ass - an dat Beispill ass schonn hei ernimmt ginn - Zechprellerei, wann ee fir 200, 300 Euro tankt, awer Vol à l'étalage, wann een an dërselwechter Tankstell dann eppes vun 2 Euro mat an der Täsch fortgoe léisst. An dat ass effektiv eng Diskrepanz!

An dat anert, wat, mengen ech, awer och wichteg ass, a wichteg ass ze considéréieren, dat ass d'Égalitéit vis-à-vis vun deenen, déi éierlech sinn an déi hire Bensinn bezuelen, da kann et wierklech net sinn, datt anerer eigentlech scho bal eng Gewunnecht hunn, fir tanken ze goen, net ze bezuelen a sech derduerchzemaachen. A wa se par malheur dann och géife gepëtzt ginn, jo, da kënne se nach ëmmer de Montant selwer bezuelen an dann ass d'Saach och an der Rei. Dat huet wéineg mat Égalitéit virun de Faite vu jiddwerengem ze dinn. An dofir denken ech, datt et och richteg ass, datt eng Commission juridique sech op deen dote Wee beginn huet.

An ech kann zum Deel och dat ënnerstëtzen, wat virdru gesot ginn ass, datt mer eigentlech och missten driwwer nodenken, wéi et mat der Zechprellerei an den Hotellen, an de Caféen, an den Taxien, an de Bistroen ass, well do och, denken ech, zielt deeselwechte Prinzip fir jiddwereen an déiselwecht Form vun Éierlechkeet fir jiddwereen.

Dat gesot, Här President, ginn ech selbstverständlech den Accord vun der grénger Fraktioun zu deem, wéi den Här Bodry gesot huet, klengen, richtegen, an ech géif nach derbäifügen, wichtege Projet.

Ech soe Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Loschetter. An d'Wuert huet elo den Här Reding. Ah neen, entschëllegt, d'Madamm Beissel selbstverständlech. Entschëllegt! Ech war elo esou vertieft an d'Reiefolg, wéi se hei steet.

Une voix.- Et ass bal datselwecht.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Neen, neen!

Mme Simone Beissel *(DP).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll fir d'Éischt dem Alex Bodry Merci soe fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport vun engem Projet, deen zwar kleng ass, mä wéi mer schonn elo vun de Virriedner gehéiert hunn, dach e ganze Koup technesch Aspekter huet, déi ganz genau beliicht hu misse ginn. Duerch de Fait, dass meng Virriedner schonn esou vill Detailer ginn hunn, wäert ech mech op dräi Zorte Remarquë beschränken.

Dat Éischt ass, dass d'DP-Fraktioun déi nei Mouture vum Artikel 491 begréisst, well beim aktuelle leschte Schlusssaz vum Alinea 2 méi Frust erauskomm ass wéi positiv Resultater, mat all deem, wat mer elo scho héieren hunn.

Dat Zweet, dat ass, dass beim Spritttanken d'Zechprellerei jo erausgeholl gëtt aus folgenden Ursaachen: Éischtens sinn e ganze Koup potenziell Delinquenten oder reell Delinquenten der Polizei entwutscht, déi konnten net gepëtzt ginn. Zweetens sinn et der e ganze Koup, well och ganz vill Netlëtzebuerger dobäi waren, déi konnten net vum Parquet touchéiert ginn a konnten dann net op d'Geriicht zitéiert ginn.

Drëttens, d'Action publique, an dat hu mer jo gehéiert, an dat ass u sech nach eng extra Situatioun an eisem Code, ka flaachfalen, soulaang wéi den Delinquent bezuelt huet. An dat ass an där Zäitspann gaangen, vu wou e fortgaang ass vun der Pompel bis praktesch en an de Geriichtssall erakomm ass. Erëm eng Kéier Frust, sougutt fir d'Polizei wéi fir de Parquet!

An dann, véiertens, déi Geldboussen, déi gesprach gi sinn, déi waren extrem niddreg. Wann een dann op där anerer Säit gekuckt huet, wéi vill administrativen Opwand do war, vu Protokollen iwwer Citatiounen, da war dat fir de ganzen Apparat absolutt ouni Relatioun.

Elo zu menger drëtter a leschter Remarque. En fin de compte hu mir eisen Apaisement trotz Bedenke vum Procureur général...

Une voix.- Vun Dikrech.

Mme Simone Beissel *(DP).*- Jo, neen, vum Procureur général, an de Procureur vun Dikrech, dee jo gedeelter Meenung war, wat jo och erfrëschend ass, wann zwee Leit vun enger grousser Administratioun Joute-oratoiren hunn, fir eppes ze klären, hunn ech awer trotzdeem gutt fonnt, dass d'Kommissioun elo op de Wee gaangen ass, fir dat ze maachen, fir dat erauszehuelen.

Well, wat extrem wichteg ass, an dat ass hei och schonn ugeklongen: D'Sécurité juridique bleift garantéiert! Duerch de Fait, dass mer elo den Artikel 491, dee jo éischter iwwer Escroquerie an Abus de confiance geet, allégéiere vum Schlusssaz vum Alinea 2, mä praktesch eng Requalificatioun vun der Infraktioun maachen an en ënnert de 463 iwwert den Déifstall an notamment de Vol à l'étalage ënnerbréngen, maache mer net nëmmen eng Requalificatioun, mä mer verschäerfen!

Well, wéi et scho virdrun ugeklongen ass, den Déifstall, egal wéi vill Repentir een do weist, dee kann net gestoppt ginn, do kann d'Action publique net fräi ginn, dat heescht d'Certitude, dass deejéinegen, deem seng Infraktioun beweisbar ass, ka gepëtzt ginn an duerno veruerteelt ginn - an dat misst jo och dee Moment Apaisement gi fir d'Leit vun den Tankstellen -, déi ass vill méi grouss ginn.

Et mécht u sech duerch de Fait, dass et verschäerft, mä et ass awer och den Effet dissuasif, dass mer eben elo déi nei Mouture vun deem Delikt do maachen, ganz vill Sënn fir d'DP-Fraktioun. An dofir brëngen ech ouni Bedenken den Accord vu menger Fraktioun.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madamm Beissel. An elo huet d'Wuert den Här Roy Reding.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Merci, Här President. Dëse Projet ass wierklech e gutt Beispill, wéi gutt eng Kommissioun ka schaffen. An ech wëll och mengersäits dem Alex Bodry villmools Merci soe fir déi exzellent Aarbecht, déi hei geleescht ginn ass an déi sech a sengem Rapport erëmgespigelt huet. Ech mengen, et ass alles gesot ginn um Fong vun dëser Reform, wat ze soen ass. A mir schléissen eis als ADR deem absolutt un.

Et sinn e puer Froen opgeworf ginn, zu deenen ech awer wollt Stellung huelen. Dat eent ass, wat opgeworf ginn ass vum Gilles Roth an och vun der Madamm Loschetter opgegraff ginn ass: d'Égalitéit vum Stroftäter virum Recht, d'Opportunité des poursuites vum Parquet.

De Gilles Roth huet gesot, datt ganz oft Affären net poursuivéiert goufen, well d'Montante vum Schued relativ déif waren. Et sinn also Saache verjäre gelooss ginn, net poursuivéiert ginn. Dat ass eppes, fir dat mir absolutt kee Verständnis hunn! Eng Infraktioun ass eng Infraktioun an et soll net de Montant vum Vol sinn, ob ech elo 80 Euro geklaut hunn oder 800 Euro geklaut hunn, de Prinzip ass absolutt deeselwechten. A mir hu schonn oft bemängelt, datt et eng ongenügend Transparenz gëtt an och keng qualitativ Statistik beim Parquet, wat fir eng Affäre finalement poursuivéiert ginn a wat fir eng net poursuivéiert ginn. Ganz oft ass do e gewëssenen „à la tête du client", deen extrem critiquable ass an deen d'Justice och an e schlecht Liicht ka gerode loossen.

De Gilles Roth huet nach eppes gesot, wat ganz richteg ass: Dat ass den Opwand vun der Partie civile. An dat ass eppes, wou een effektiv misst driwwer nodenken, déi Prozedur ze vereinfachen. Bis elo ass et esou, all Mënsch ka Partie civile maachen am Rame vun engem Strofprozess, dat empêchéiert, datt e muss en Zivillwee goen, datt e muss eng Assignatioun maachen oder eng Citatioun maachen.

Dat heescht awer och, e muss do sinn, e muss präsent oder représentéiert sinn an där Audienz, wou verhandelt gëtt. An dat kann heiansdo e ganze Moien daueren, heiansdo muss ech souguer zwee-, dräimol zréckkommen, well ech ka meng Constitution de partie civile eréischt um Schluss maachen. An dat ass natierlech en Opwand, deen extrem grouss ass an ëmsou méi grouss ass, wat de Schued, deen ech wëll akloen, méi geréng ass. An ech fannen, do wier wierklech e Punkt, wou mer eis mussen iwwerleeën, ob een do net eng Reform sollt op de Wee brëngen.

Da just e Wuert zur Motioun vum Gilles Roth. Do ass eng Iddi dran, déi ech ganz schlecht fannen, an dat ass, „sous l'angle de la liberté de commerce" ze iwwerpréiwen, ob een net misst d'Pompisten dozou brëngen, datt se mussen eng Installatioun maache vun enger Barrière oder engem Système de prépaiement.

Wärend eisen Aarbechten hu mer ebe just festgestallt an der Kommissioun, datt et Plaze gëtt, wou een dat net ka maachen, wou déi Barrièren net kënnen installéiert ginn. Dat ass einfach op Autobunnen, wou een op där enger Säit erafiert, op där anerer eraus. Mä ganz oft bei Tankstellen, déi op Landstroossen oder op anere Weeër leien, ass dat net méiglech, well d'Leit kënne vun zwou verschiddene Säite bäifueren. An ech fannen einfach, datt mer an dësem Land ee Risefeeler maachen, an dat ass, souwisou dem Commerce vill ze vill Obligatiounen ëmmer erëm opzedrécken. Hei wier eng méi. An domadder, denken ech, kënne mir als ADR ganz bestëmmt net d'accord sinn!

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Reding. An d'Wuert huet elo direkt den Här Justizminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Ech wëll als Éischt dem Rapporteur, dem Alex Bodry, Merci soe fir säi schréftlechen, awer och besonnesch de mëndleche Rapport. Ech mengen, den Här Bodry huet, wéi esou oft, alles gesot en droit an awer och mam historesche Réckbléck an am Commentaire, wat ze soen ass zu engem, wéi d'Madamm Loschetter gesot huet, vläicht klenge Projet, awer trotzdeem kengem oninteressante Projet, deen och e puer méi iwwerraschend Elementer eigentlech a sech huet.

Et war effektiv deen éischte Projet, deen ech als Justizminister déposéiert hunn. Allerdéngs ass an deem Projet vu mir net vill méi dra wéi d'Ënnerschrëft, well ech muss soen, dass dee Projet vun der Madamm Modert a vum Här Biltgen ausgeschafft ginn ass, an dass mir just den Dépôt vum Text bliwwen ass. An ech mengen, dass déi Aarbecht, déi d'Commission juridique op deem Text gemaach huet, an dat Resultat, wat mer haut hunn, e gutt Resultat ass.

Mir hunn eis wierklech déi ënnerschiddlech Optiounen - et ass drop higewise ginn, dass et verschidden Avise gouf vum Procureur général, dem deemolegen, an dem Procureur vun Dikrech - ugekuckt, mer hunn déi Optiounen an der Kommissioun och diskutéiert a mer si schlussendlech zesummen zu därselwechter Konklusioun komm, an zwar deem Text, dee mer haut um Dësch leien hunn.

Et ass op déi Zuele scho reagéiert ginn, den Här Bodry huet se genannt, vun Affären, déi klasséiert sinn. Ech wëll awer dofir och nach eng Kéier rappeléieren, dass vun deenen 1.182 Affären, an dat war effektiv d'Joer 2013 - et war iwwregens dem Procureur général Roby Biever säin allerleschte Mail un de Justizministère, eis déi doten Zuele matzedeelen a senger Fonctioun als Procureur général -, vun deenen 1.182 Affäre si ronn 80 (veuillez lire: 800) Affäre klasséiert ginn, well mer a bal 500 Affären net wossten, wien den Auteur wier, wat och weist, dass et en Ënnerscheed gëtt tëschent deene mëttleren a groussen Tankstellen am Land an awer nach ville klengen Tankstellen, notamment wat d'Équipementer zum Beispill mat Kamerae betrëfft. Do ass e ganz däitlechen Ënnerscheed. An dëse Projet viséiert bal zwou Realitéiten. 500, do war einfach net gewosst, wien et wier. Do ass sécher vill Transfrontalier dobäi. Och dat ass gewosst.

An deenen anere bal 300 Affären, oder souguer iwwer 300 Affären, bal 350 Affären, ass d'Action publique éteinte ginn, well déi Leit déi Méiglechkeet genotzt hunn, déi et bis haut gëtt, fir ze bezuelen. Dat heescht, bei 80% ass d'Action publique éteinte ginn, well d'Leit entweder bezuelt hunn oder well mer net konnten erausfannen, wien et war. Dat sinn 80% vun den Affären, fir dat och nach eng Kéier kloerzemaachen. Déi aner Klassementer, dat ass awer dann en aneren a vill méi klengen Deel. Ech mengen, dat muss een eng Kéier kuerz rappeléieren.

Den Ënnerscheed tëschent méi groussen a méi klengen Tankstelle gesäit een och an där Diskussioun - an dat war jo d'Alternativ, déi den deemolege Procureur général proposéiert hat - beim techneschen Équipement vun den Tankstellen. Ech hat dat an der Kommissioun gesot, den Här Reding huet et och virdrun hei scho rappeléiert.

Et ass en Ënnerscheed, ob eng Tankstell op enger Autobunn läit, mat engem ganz groussen Débit a Passage, wou och eng ganz Rei Investitioune proportional wéineg an d'Gewiicht falen a wou déi Strooss, déi déi Tankstell desservéiert och selwer eng Einban ass. Do ass et net schwiereg, op där enger Säit den Accès an hannendru mat enger Barrière d'Sortie ze assuréieren.

Wann Der eng kleng Tankstell matzen am Duerf hutt, wou d'Leit aus alle Richtunge bäifueren, fir wesentlech méi wéi nëmme Bensinn ze kafen, mä och ganz vill aner Produiten nach, wann Der do en Einbansystem géift imposéieren, hutt Der natierlech fir d'Attraktivitéit vun deem Shop net onbedéngt eppes Déngleches gemaach.

Duerfir muss ee kloer verstoen, dass déi zwou Varianten, déi mer haten, alle béid reell sinn. D'Awänn si richteg. Den aktuelle System funktionéiert jo och iergendwou, well déi Leit jo dann awer hir Sue kritt hunn an iwwer engem Drëttel vun de Fäll.

Mä Fakt ass, déi zwou Varianten hunn ënnerschiddlech Konsequenzen en fonction vun der Gréisst a vum Emplacement vun der Tankstell. Et ass also keng neutral technesch Solutioun. Déi apparemment neutral technesch Solutioun huet ganz ënnerschiddlech Incidencen a Konsequenzen, deemno ëm wat fir eng Tankstellen et sech handelt.

An dofir - de Groupement pétrolier, deen à l'origine war, wéi et scho gesot ginn ass, deen och insistéiert huet, fir op dëse Wee ze goen, dee weess och, dass et do Ënnerscheeder gëtt -, dofir si mer um Enn, mengen ech, dann awer zu Recht zu der Konklusioun komm, dass ee soll probéieren, déi Anomalie, esou huet de Rapporteur se genannt, an ech deelen dat och, déi Anomalie dann awer aus eisem Rechtssystem ze sträichen, dass ee sech senger Verantwortung kann entzéien, nodeems een erwëscht ginn ass, einfach doduerch, dass een dat, wat geschëllt ass, just bezilt.

Dat ass awer ënnert dem Stréch eng Anomalie. Dat erlaabt, dass ee sech senger Verantwortung kann entzéien, nodeems een awer eppes gemaach huet, wat een net däerf. Ech mengen, déi hei Solutioun ass zäitgeméiss a richteg. A wat déi technesch Solutioune betrëfft, kommen ech nach herno kuerz drop zréck bei der Motioun.

Aus all deenen dote Grënn, Här President, steet och déi nei Regierung hannert deem Text. Ech wëll och nach soen, dass mer an deem dote Beräich awer och am Ministère amgaang sinn, eis Gedanken ze maachen, an zwar iwwert den Ëmgang mat de Sanktioune bei klenge Kriminalitéiten.

Et ass jo vläicht och en Deel vun der Léisung, dass mer bei klenge Montanten, ëm déi et hei geet, eis och vläicht kënnen aner Prozeduren a Weeër afale loossen, déi och d'Solution judiciaire erliichteren an domadder net zu enger méi schwéierfälleger Aarbecht vun de Geriichter bäidroen, zum Beispill duerch deen heite Projet, an dass mer duerch aner Prozeduren an eventuell aner Sanktiounsméiglechkeeten dat awer kënnen an Zukunft opfänke bei, wéi gesot, méi klenge Strofdoten. An doriwwer gëtt och nogeduecht. An dann ass da vläicht, ënnert dem Stréch, dëse Projet, mat deenen neie Weeër kombinéiert, déi awer besser Léisung, déi doduerch net zu Schwéierfällegkeete wäert féieren, mä dozou féiert, dass sanktionéiert gëtt, wat muss sanktionéiert ginn, ouni dass d'Geriichter groussaarteg doduerch musse belaascht ginn.

Zu der Motioun, Här President, vun der CSV: Do ass munches dran, wat ech kann ënnerstëtzen. Mä ech sinn awer der Meenung, dass bei där éischter Fuerderung nom Bilan, déi ech absolutt justifiéiert fannen - ech mengen, och de Rapporteur hat dat schonn ugereegt a senger Presentatioun vum Rapport -, ech mengen awer, dass ee Joer e bëssen ze kuerz ass, fir wierklech e Bilan kënnen ze maachen. Ech géif do proposéieren, wann d'CSV d'accord ass, dass mer dräi Joer solle soen. Dann hu mer wierklech e bësse Réckbléck, fir kënnen en eeschthafte Bilan ze maachen.

Wat deen zweeten „invite" betrëfft, d'Méiglechkeet, an Dir sot et selwer, „sous l'angle de la liberté de commerce", well Der selwer Zweifel hutt, ob dat mat der Liberté de commerce vun eiser Verfassung kompatibel ass, ech mengen, déi eegen, déi Selbstzweifel, déi Iech do ploen, riskéiere berechtegt ze sinn. Ech mengen, dass mer dat doten, aus all deene genannte Grënn, och vu virdrun, net solle maachen. Et ass eng technesch Solutioun, déi nëmmen technesch neutral wierkt. Mä si huet wierklech ganz ënnerschiddlech Incidencen a Konsequenzen. Dofir, mengen ech, solle mer deen doten Tiret sträichen.

Wat deen drëtten Tiret betrëfft, deen ënnerstëtzen ech, esou wéi en do steet, ouni Problem. Wann Der also mat deenen zwou Modifikatiounen d'accord wiert, da wär d'Regierung bereet, d'Motioun ze ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Minister. Da géif ech proposéieren, dass mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6641 iwwerginn.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6641 et dispense du second vote constitutionnel

An de Vott ass och direkt lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer. 59 Participatiounen: 58-mol Jo, 1-mol Neen.

(Interruption)

1-mol Neen.

Domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par Mme Tess Burton), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

A voté non: M. David Wagner.

An ass d'Chamber domat d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

An da géife mer op d'Motioun iwwergoen, déi jo scho presentéiert ginn ass, wou d'Regierung Stellung dozou geholl huet. An den Här Rapporteur, den Här Bodry, huet d'Wuert.

Motion 1

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur*.- Jo, et ass just fir ze soen, dass ech u sech d'Appréciatioun vum Minister deelen an där heiter Affär. Ech mengen, et ass u sech wichteg, e Bilan ze zéien. Mir maachen dat oft. Heiansdo schreiwe mer dat a Motiounen, heiansdo soe mer et mëndlech hei, an eng drëtte Kéier, da schreiwe mer et heiansdo an de Rapport vun der Kommissioun.

Et wär vläicht net schlecht, eng Suggestioun, Här President, déi ech géif maachen, wann d'Chamber géif an iergendenger Form Buch féieren, Buch féiere vun all deene Bilanen, déi mer - awer dat geet...

Une voix.- Jo.

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur*.- ... engem Eenzelne vläicht duerch de Kapp -, ufänke Bilan ze zéien, wou mer eigentlech gefrot hunn, sief et an engem schréftleche Rapport, sief et an enger Motioun, dass soll e Bilan gezu gi vun der Applikatioun vun engem neien Text, dass mer och wierklech eis net selwer elo berouege mat esou enger Ofstëmmung, mä dass mer herno och wierklech eng Suite hu vun deem Ganzen. Et wär vläicht net schlecht, wann een dat géif méi systematesch als Parlament verfollegen, wa mer selwer eigentlech der Regierung deen Optrag ginn, fir mat eis zesummen dann e Bilan ze zéien.

Duerfir, guer kee Problem, fir dat ze maachen. Ee Joer schéngt ze kuerz ze sinn. Effektiv dräi Joer, wéi de Minister dat sot, schéngt mer dat Richtegt ze sinn.

Bon, wat deen aneren Tiret ugeet, do ass et jo esou, dass et fir mech relativ kloer ass. Wann ee kuckt, déi Kommodosgeneemegungen, déi hu jo eigentlech zwee Kritären ze berücksichtegen. Et sinn eigentlech déi vum Environnement, d'Protection de l'environnement au sens large, an et sinn déi vun der Sécurité au travail, déi ze berücksichtege sinn. Ech gesinn eigentlech schwéier, dass ee kann zousätzlech Kritäre mat aféieren eigentlech hei iwwert de Kommodo.

Duerfir mengen ech, dass déi Etüd a priori schnell gemaach ass an dass eigentlech, mengen ech, och keen drun denkt, fir op deen dote Wee ze goen.

Duerfir sinn ech och der Meenung, dass ee kéint den zweeten Alinea do sträichen. Wann den Auteur domadder averstanen ass, ech mengen, da kéinte mer eis ganz schnell eens ginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Den Auteur vun der Motioun, den Här Roth.

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Mir brauche fir d'Motioun e Konsens a sinn d'accord mat deenen dräi Joer, wéi de Justizminister et proposéiert huet. Mä et sollt een hei e Bilan maachen, well aus den Zuelen, déi de Rapporteur och genannt huet, ass dat hei... Et laacht een ëmmer, wann ee vun Zechprellerei schwätzt, mä wann ee gesäit, reng an engem Joer - 2013 - iwwer 1.200 Affären, déi initiéiert goufen, eleng wat d'Zechprellerei beim Tanken ass, do si jo all déi aner nach net derbäi, da mengen ech, dass et scho bei esou enger Modifikatioun vun engem Gesetz ubruecht ass, fir e Bilan ze zéien.

An no deenen Argumenter, wéi se virbruecht gi si vum Här Bodry a vum Här Reding, géif ech och mengen, mir sollten drop verzichten, fir den zweeten Tiret bäizebehalen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Ech ginn also dervun aus, dass no deene Modifikatioune Konsens an der Chamber besteet, déi jo och vum Auteur ugeholl gi sinn.

Motion 1 modifiée

Vu le projet de loi n°6641 portant modification de l'article 491 du Code pénal en ce qui concerne plus particulièrement la suppression de l'infraction dite de la «grivèlerie de carburant»;

- considérant l'avis ténu du Conseil d'État relatif au projet de loi précité:

«L'avantage du système actuel est à l'évidence de mettre une pression supplémentaire sur les „grive-

leurs" et d'assurer le paiement au profit des exploitants de stations-service. L'inconvénient du nouveau système envisagé est encore de dissocier l'action publique du paiement, sauf hypothèse d'un désistement formel de la part du plaignant, procédure qu'il n'a aucun intérêt à effectuer. L'intervention du paiement aura tout au plus un effet sur le taux de la peine.

Il n'appartient toutefois pas au Conseil d'État d'opérer une pondération entre les avantages et les inconvénients pratiques du système actuel.»;

- considérant, d'une part, l'avis critique du Procureur général d'État et, d'autre part, l'avis favorable du Procureur d'État de Diekirch quant au projet de loi sous rubrique,

invite le Gouvernement,

- à présenter à la Chambre des Députés un premier bilan de la nouvelle loi trois années après son entrée en vigueur, lequel devra notamment (i) comporter le nombre de cas de vols d'essence enregistrés dans l'intervalle, son taux d'élucidation, le nombre de paiements au profit des pompistes intervenus sur cette période, de même qu'une comparaison de ces chiffres avec les autres types de vols relevés sur ladite période, (ii) faire état de l'utilité de l'instrument dit du «jugement sur accord» et de l'ordonnance pénale en général et plus particulièrement en matière de vols d'essence, notamment en termes de paiements intervenus au profit des pompistes, (iii) des difficultés d'exécution des jugements qu'ont rencontrées les pompistes sur le plan civil et enfin (iv) l'évolution des coûts en relation avec la poursuite des faits de vols d'essence,

- à procéder à une analyse de l'application de l'article 24 du Code pénal aux condamnés à une peine correctionnelle, notamment en ce qui concerne les délits de grivèlerie de nourriture et autres prévus à l'article 491 du Code pénal et de la nécessité du maintien du renvoi à l'article 24 y prévu, de même que dans le contexte d'autres infractions et à présenter en fonction des résultats obtenus une réforme des dispositions légales en cause.

(s.) Gilles Roth, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Claude Wiseler, Michel Wolter.

Da kënne mer iwwert d'Motioun ofstëmmen, à main levée.

Vote sur la motion 1 modifiée

Wien ass mat der Motioun d'accord?

Ma, dat ass kloer: Déi Motioun ass ugeholl.

An d'Suggestioun vum Här Rapporteur, ech mengen, och déi ass ugeholl. Mir maachen dat mat méi oder manner Sécherheet, mä fir honnertprozenteg Sécherheet ze hunn, solle mer Buch doriwwer féieren, bei wat fir enge Projeten dat festgehalen ass, an dann dat mat an de Programm vun der Chamber iwwerhuelen. Dat ass eng gutt Suggestioun, mengen ech.

Ass och jiddwereen dermat d'accord?

Merci. Da maache mer dat esou.

Sou! An da géife mer zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6865, d'Reorganisatioun vun der Administratioun vum Environnement, der Ëmweltverwaltung. An de Rapporteur, den Här Gérard Anzia, huet direkt d'Wuert. De Riedemodell ass den 1.

6. 6865 - Projet de loi portant réorganisation de l'Administration de l'Environnement

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Gérard Anzia *(déi gréng), rapporteur.-* Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech sinn haut ganz houfreg, Iech de Projet de loi 6865 iwwert d'Reorganisatioun vun der Ëmweltverwaltung virstellen ze däerfen. Et ass eng Verwaltung, déi 1980 per Gesetz geschafe gouf an déi elo eng nei, eng modern, eng der Zäit ugepassten Ausriichtung kritt.

Och wann dëse Projet de loi nëmmen néng Artikelen huet, och wann de Gesetzestext vun dësem Projet de loi bal op eng Säit passt. Wa mer der Virstellung vum Conseil d'État nogaange wären an den Artikel 2, wou d'Attributioune festgehale sinn, dat sinn der eelef, och entspriechend ofgeännert hätten, da wier den Text op eng Säit gaangen. Mä loosst Iech net dovun täuschen! Dës néng Artikelen, déi hunn et a sech an déi wäerten et mat sech bréngen, dass dës Verwaltung nei opgestallt gëtt.

De Prozess vun der Neiopstellung vun der AEV ass schonns viru méi wéi fënnef Joer ugestouss ginn an ass mam Stëmme vun dësem Gesetz, dat mer hoffentlech haut zesumme maachen, awer net ofgeschloss, mä geet weider. En ass evolutiv.

Ech profitéieren och dervun, déi Leit aus der Direktioun vun der Ëmweltverwaltung hei ze begréissen, déi hei op der Tribün sinn: den Direkter Robert Schmit a säin Directeur adjoint, den David Glod. An ech soen hinnen e grousse Merci fir déi Energie, déi se dragestach hunn an der leschter Zäit, fir hiren Engagement, fir dës Verwaltung nei opzestellen, fir déi nei Organisatioun, déi Reorganisatioun vun hirer Verwaltung intensiv ze begleeden.

Ech géif awer elo kuerz op dee legislative Volet, prozedurale Volet agoen. De Projet ass déposéiert ginn hei an der Chamber den 3. September d'lescht Joer vun eiser Ëmweltministesch. De Conseil d'État huet säin Avis de 24. November ofginn. D'Avise vun der Chambre des Salariés, der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce sinn erakomm zu den Daten: 15. September, 8. Oktober, 7. an 10. Dezember, jeeweils 2015. Den 28. Oktober 2015 huet d'Ëmweltkommissioun mech selwer als Rapporteur nominéiert. Mir hunn dunn de Projet de loi ënnersicht, och den Avis vum Conseil d'État, an dat an enger Reunioun vum 3. Februar dëst Joer, 2016 also.

Mir hunn do ee Rapport ënnersicht an ugeholl. An dat war an der Reunioun vum 17. Februar. An et war noutwendeg - ech soen awer kuerz firwat -, e Rapport complémentaire gëschter an der Reunioun vun der Ëmweltkommissioun, um Datum vum 24. Februar, unzehuelen. Do war en textuelle Feeler ënnerlaf beim Artikel 1, wou mer gesot hunn: „Mer ginn net dem Avis vum Statsrot no." A leider war am Gesetzestext, dee mer herno niddergeschriwwen haten, eben dann awer den Artikel 1, esou wéi de Statsrot e formuléiert hat, dra festgehale ginn.

Dat gesot, géif ech elo nach eng Kéier zu den allgemenge Betruechtunge kuerz iwwergoen.

Wat sinn dann elo déi nei Aufgabe vun dëser Verwaltung? Ma dës Verwaltung, déi wäert am Service si vun der Gesellschaft, fir en héijen Niveau sécherzestelle vun der Protektioun vun der Ëmwelt, vun der Qualitéit vun de Leit an hirer Ëmwelt, also fir d'Liewensqualitéit vun eis alleguer. Déi Verwaltung wäert eng Hëllefstellung gi fir natierlech Politik, fir awer och ze kucken, dass eis Legislatioun och ëmgesat gëtt, dass se applizéiert gëtt. Alles, wat mam Beräich vun der Ëmwelt ze dinn huet. Se wäert och d'Aktivitéite vun de Leit encadréieren, déi méi oder manner en Impakt op d'Ëmwelt hunn. Se waacht och an evaluéiert den Zoustand vun eiser Ëmwelt; an dat zesumme mat deenen anere Verwaltungen: mat der ANF, der Administration de la Nature et des Forêts, mat der Administration de la Gestion de l'Eau; ënnert der Politik vun natierlech dem Ëmweltministère an der Lëtzebuerger Regierung.

Wat sinn dann elo déi Wäerter, déi an dëser Ëmweltverwaltung solle prägend sinn? Ma sécher ass e ganz wichtege Wäert, e wichtegen Aspekt déi Approche Service a Client, dass ee responsabel mat deene Leit ëmgeet, déi u sech eng Demande bei engem stellen, well vun der Aarbecht, déi déi Leit maachen, hänke ganz vill Konsequenzen an hirem dagdeeglechen Ëmfeld of, vun hirer Aarbecht, vun hirer Entreprise, vun hirem Handwierk.

An da muss och den Esprit d'équipe gëllen, dass d'Leit zesummeschaffen, dass een engagéiert un déi Projeten, un déi Froestellungen erugeet. An esou soll d'Spigelbild si vun där neier Aarbechtskultur vun der Administration de l'Environnement.

Ech wäert elo kuerz emol op den Objet natierlech vun dem Gesetz agoen. Wéi scho gesot, et geet u sech drëm, d'Ëmweltverwaltung nei opzestellen. Et geet drëm, dat Gesetz vum 27. November 1980 ëmzeänneren an ze ersetzen. Et geet awer och drëm, där Verwaltung méi eng grouss Flexibilitéit ze ginn, an zwar, fir kënnen op nei Aspekter ze reagéieren, nei Servicer och kënnen anzeféieren, ouni dass dofir eng Gesetzesännerung misst kommen.

Elo kommen ech zum Avis vum Conseil d'État. De Conseil d'État huet virun allem dës Verwaltung verglach mat der ANF a mat der Administration de la Gestion de l'Eau. An do war ee vun hire Problemer, op déi se gestouss sinn, d'Ofgrenzung vun de Kompetenzen zwëschen dëse verschiddene Verwaltungen. Dozou wäert ech herno am Ofschloss nach e Wuert soen.

Si hätte gär gehat, dass méi preziséiert géif ginn, wou, wat fir eng Verwaltung zoustänneg ass, bis zu wat fir engem Punkt an net weider. En plus huet de Statsrot ugemierkt, dass e gewëssene Flou ass, wat verschidde Signifikatioune si virun allem vun deenen eelef Attributiounen, déi hei am Artikel 2 festgehale ginn. A si hätte gär onbedéngt eng Reformuléierung gehat, an, wann ee se net kéint reformuléieren, dass een dann ebe géif Abstraktioun maache vun där Prezisioun vun dësen eelef Attributiounen. Mä dorop kommen ech herno nach eng Kéier zréck.

Den Avis da vun de Chambres professionnelles.

Am Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics ass et virun allem ëm de Cadre du personnel gaangen, wou se ëmmer ee wuechsamt A drop hunn, wien ënner wat fir Konditiounen agestallt gëtt. Se ginn awer soss hiren Accord zu dësem Projet de loi.

Dann den Avis vun der Chambre des Métiers. Do ass erauszeliesen, dass si insistéieren, dass si eben als ee vun deene Partner vun dëser Verwaltung solle gëllen; wat och de Fall ass. A si hätte gär gehat, dass se formell géifen ageschriwwe ginn als ee Partner, deen ebe kollaboréiert mat dëser Verwaltung. A virun allem, wat hinnen um Häerz louch, waren natierlech d'Kommodo-Inkommodo-Prozeduren, wou se soten: „Déi Délaien, déi de Moment an där Verwaltung sinn, déi sinn ze grouss. An Dir musst derfir suergen, dass déi Verwaltung entspriechend mat méi Personal ausstafféiert gëtt." Ech mengen, dorop wäert dann och d'Madamm Ministesch bestëmmt herno an hirer Interventioun agoen.

Deen nächsten Avis ass dee vun der Chambre de Commerce. Si begréisst dee Changement, dee Changement de culture, deen ugeduecht ass an dëser Verwaltung, deen awer och absolutt noutwendeg ass, wéi si hei preziséieren, deen och achséiert ass op Resultater, wou awer och monéiert gëtt, äänlech wéi bei der Chambre des Métiers, dass Personal muss do sinn, fir dass dës Verwaltung effikass a schnell ka schaffen. An duerfir soe se och hei, dës Verwaltung misst onbedéngt mat Personal opgestockt ginn.

Da kommen ech zum Avis vun der Chambre des Salariés. Déi hate kee Kommentar zu dësem Projet de loi a markéieren domat hiren Accord.

Ech géif awer déi néng Artikele ganz kuerz eng Kéier hei en revue passéiere loossen, fir dass ee gesäit, wou mer dem Statsrot Rechnung gedroen hunn a wou mer an der Kommissioun der Meenung waren, mir sollten dee virgeschloenen Text bäibehalen.

Am Artikel 1, do geet et drëm, d'Missioune vun der Ëmweltverwaltung festzeleeën. Do war de Problem oder d'Vue vum Statsrot déi, dass ee sech soll méi uleenen un déi Opstellung vu Ponts et Chaussées, also manner prezis... oder méi einfach ausgedréckt: Si hate Problemer mat den Expressiounen, déi hei am Text sinn, virun allem mat de Begrëffer vun „de façon intégrée" an dann dem Begrëff vun der Nohaltegkeet a vun engem héijen Niveau vun Nohaltegkeet, der Qualité de vie vun dem Mënsch a senger Ëmwelt. D'Kommissioun war awer eestëmmeg der Meenung, dass mer sollte beim Originaltext bleiwen an déi Verwaltung och mat dësen Attributer a Missioune versinn.

Am Artikel 2, do geet et ëm d'Attributiounen u sech vun der Verwaltung. Ech hat gesot, et sinn der eelef Stéck. Déi si ganz villfälteg. Ech ziele se elo net allen eelef op. Dir fannt se natierlech am Rapport an Dir fannt et och am Gesetzestext nach eng Kéier erëm.

Et geet awer - ech gi queesch duerch déi Attributiounen - ëm Sensibiliséierung, Forméierung, Informatioun, Berodung. Et geet ëm d'Evaluéierung vum Zoustand vun der Ëmwelt. Et geet drëm, fir ze kucken: Wat fir en Impakt hunn d'Aktivitéite vu Mënsch op d'Ëmwelt? Et geet drëm, Strategien auszeschaffen, Konzepter. Et soll Recherche gemaach ginn. Et geet och drëm, legal Prescriptiounen ze erschaffen. Et geet drëm, ze iwwerwaachen. Et geet drëm, och ze kucken, ob d'Conditions d'exploitation vu verschiddene Betriber agehale ginn. Et geet drëm, u legislativen Texter matzeschaffen. An et geet natierlech och ëm d'Preventioun an d'Reparatioun vun Dommages vis-à-vis vun der Ëmwelt. An net zulescht natierlech, geet et och drëm, d'Qualitéit héichzehale vun de Prozeduren, Analysen an Inventairen.

Wat hei am Artikel 2 nach stoung, dat war, dass mat deene verschiddene Verwaltunge muss kollaboréiert ginn. Ech sot et scho virdrun. Dat ass kloer an evident. Déi verschidde Verwaltungen - d'Administration de l'Environnement, d'Administration de la Nature et des Forêts an d'Administration de la Gestion de l'Eau -, déi mussen zesummeschaffen. Dat schwätzt fir sech. An dofir si mer och dem Avis vum Statsrot nogaangen a mir hunn dee Paragraf, deen Abschnitt hei erausgeholl.

Ech komme kuerz zum Artikel 3. Do war näischt ze bemierken. Also nach méi kuerz.

Da kommen ech also direkt zum Artikel 4. Et geet drëm, d'Kompetenzen an d'Responsabilitéite vum Direkter festzehalen. Och dat war ouni Problemer. A mir hunn den Text iwwerholl, deen de Statsrot virgeschloen huet.

Am Artikel 5 ass et ëm den Organigramm gaangen. Bon, do ass et elo esou: D'Opdeelung vun den Aarbechten an der Verwaltung, déi ënnerläit... An dat huet ze di mat deem neie Gesetzestext vum 25. Mäerz 2015, deen de Statut général des Fonctionnaires de l'État festleet, dass den Direkter u sech den Organigramm vu senger Administratioun festleet. Duerfir war déi Prezisioun hei am Gesetzestext also am Artikel 5 net noutwendeg. A mer hunn den Avis vum Statsrot hei iwwerholl.

Den Artikel 6. Hei geet et drëm, de Cadre du personnel festzeleeën. Och do ass mat enger klenger Ëmännerung am Text d'Preziséierung, dass et zwee Directeurs adjoints gëtt. Deen Avis vum Statsrot ass iwwerholl ginn.

Am Artikel 7 ass et ëm d'Conditions d'études gaangen. Och do hu mer den Avis vum Statsrot iwwerholl.

Am Artikel 8 ass et och kloer a wichteg, dass drop gepocht gëtt, dass déi Kandidaten, déi elo den Direkter oder den Directeur adjoint duerstellen, dass déi Leit all eng Formation universitaire mussen hunn. An do si mer awer elo net op de Wee vum Statsrot gaangen, fir ze soen, do kéinten och Leit, déi keng Qualification universitaire vun op d'mannst engem ofgeschlossene Cycle vu véier Joer hätten, Direkter oder Directeur adjoint ginn. An do bleiwe mer bei der Exigenz vun der Formatioun.

Mir hunn och net preziséiert, a wat fir engem Beräich déi Leit eng universitär Formatioun mussen hunn, well déi Verwaltung ganz breet opgestallt ass vu Leit aus dem Beräich vun der Chemie, Bio, Physik, Geologie. Also war et och net méiglech, déi Qualifikatioun hei festzeleeën. Et ass awer wichteg, dass et sécherlech, well d'Matière ganz komplex ass, eng Formation universitaire ass.

Da kommen ech zum Artikel 9, an da sinn ech jo bal fäerdeg. Mat dësem Artikel 9 gëtt u sech d'Loi modifiée vum 27. November 1980 ofgeännert. An ech mengen, Dir sidd all menger Meenung, dass e Gesetzestext, deen awer elo trotzdeem méi wéi 35 Joer um Bockel huet, et sécherlech verdéngt, eng Kéier nei formuléiert ze ginn.

Ech kommen zum Schluss vu menger Interventioun. Wou soll also déi nei opgestallten Administration de l'Environnement histeieren? Ma sécherlech ass hiren éischten Objet, d'Ëmwelt ze schützen an d'Liewensqualitéit vun eis alleguer, vun eis als Mënschen, an der Ëmwelt, ze erhalen.

Déi zweet Saach: Si muss awer och eng gewësse Gestioun, Gérance vun der Ëmwelt virhuelen, an dat op wëssenschaftlecher Basis, an zesumme mat allen aneren Akteuren.

An zu gudder Lescht muss et och e kompetente Qualitéitsservice si fir all Bierger, fir all Entreprise hei zu Lëtzebuerg am Beräich vun der Ëmwelt. An ech mengen, si sinn do um gudde Wee. Ech hunn do vollstent Vertrauen, souwuel an d'Direktioun vun der AEV wéi eben och an den Ëmweltministère, fir en A dorop ze werfen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren, a ginn natierlech d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun fir dëse Projet de loi.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Rapporteur. An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Marco Schank.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Discussion générale

M. Marco Schank *(CSV).-* Sou! Madamm Presidentin, kann een elo scho soen, Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt wollt ech e Merci lassginn, an zwar un den honorabele Kolleeg Gérard Anzia fir deen ausféierleche schrëftlechen a mënschlechen... mëndlechen Exposé - mënschlech och, okay -, virun allem ass och, wéi gesot, dee schrëftleche ganz komplett. An ech wollt och direkt derbäisoen, datt mir et begréisst hunn, datt de Projet de loi, deen zwar nëmmen néng Artikelen huet, awer am Detail am Exposé des motifs opgefouert huet, ëm wat datt et hei geet. An dat war, muss ech soen, wierklech... Dee Respekt wëll ech viruginn, virun un d'Auteuren. Dat ass wierklech wichteg gewiescht, fir sech e Bild ze maachen, wat änert.

An datt eng Reform vun der Ëmweltverwaltung wesentlech ass... Ech denken, datt d'Leit alleguer oder déi meescht hei am Haus der Meenung sinn, datt déi wichteg ass am Sënn vun engem méi integrativen Ëmweltschutz, virun allem awer och am Sënn vun enger Ëmweltpolitik, déi déi lescht Joren a Jorzéngten, kann ee soen, ganz staark evoluéiert huet, an net fir d'Lescht och am Kontext vun den Noutwendegkeete vum Klimaschutz, wéi mer jo déi lescht Joren erfuer hunn. Ech mengen, datt duerfir déi nei Struktur, déi nei Flexibilitéit eng ganz wesentlech ass.

An et ass evident, datt déi Struktur, wéi se 1980 fixéiert gouf vun der Verwaltung, an der